

Lëtzebuerg, den 23. November 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Op der Maulesmillen tëscht Clierf a Wäiswampech, bei der Eisebunnsbréck, ass zanter Méint eng Baustell op där et awer net méi richteg weider ze goe schéngt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Kann den Här Minister d'Aarbechten, déi hei realiséiert solle ginn, méi genee beschreiwen?*
- *Wat wieren d'Grënn firwat dee Chantier net virugeet?*
- *Wéini ass virgesinn, dass d'Aarbechten sollen ofgeschloss sinn? “*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu